KAMIGAITO WADO RYU KARATE CLUB MAMER ***a.s.b.l.***
(affilié à la F.L.A.M.)
Hall sportif Nic Frantz - Mamer
www.karate.lu

Neit Reglement iwwert d'Organisatioun vum Karate's Training

Versioun vum 21.04.2021

Virleefeg Indikatioun

Während dem Praktizéire vum Karaté an der Mamer Sportshal ass et wichteg, datt all d'Memberen sech un déi vun de Lëtzebuerger Autoritéite virgeschriwwe sanitär Mesuren halen. Déi folgend Indikatioune sollen des Mesuren net ersetzen, mä sie sollen eng « best practice » Richtlinn duerstellen, déi wichteg ass fir d'Sécherheet vu jidderengem ze garantéiren.

Obligatoresch Inscriptioun / DOODLE fir d'Kategorie DRAACHEN

Fir zu all Moment d'Regele vun der sozialer Distanz anhalen ze kënnen, ass et wichteg, d'Unzuel vun de Leit um Training ze limitéieren.

Duerfir soll all Sportler vun der Kategorie DRAACHEN sech bis spéitstens 12 Stonne virum Training iwwert DOODLE ageschriwwen hun. Soubal di maximal Unzuel erreecht ass, kënne keng weider Inscriptiounen méi ugeholl gin..

OPGEPASST : Just déi Memberen vun der Kategorie DRAACHEN, déi sech iwwert DOODLE ugemellt hun, ginn an d'Sportshal erageloooss.

Desinfektioun vun den Hänn / Sozial Distanz

All d'Memberen déi op engem Training deelhuelen mussen sich d'Hänn desinfizéieren, ier se an den Trainingssall erakommen. Et stinn hydro-alkoholesch Léisungen zur Dispositioun.

Beim Wee bis an den Trainingssall halen d'Memberen 2 Meter Distanz tëschent eneen.

Während den eenzelnen Exercicer am Trainingssall gin d'Indikatioune vun den Traineren zu der sozialer Distanz agehalen.

Kontroll vun der Temperatur

Déi Memberen, déi Féiwer, Houscht, oder ähnlech Symptomer hun, si gebieden, hier Responsabilitét ze huelen an doheem ze bleiwen. D'Traineren behale sech d'Recht vir, sporadesch d'Temperatur ze moossen a Sportler aus dem Trainingssall erauszeschécken.

Net ouni meng Mask

Andeems ech meng Mask droen, huelen ech meng Responsabilitéit a schützen d'Leit ronderëm mech

Déi Memberen, déi um Training deelhuelen, musse beim Betriede vum Nic-Frantz Sportszentrum a vum Campus scolaire Capellen eng Schutzmask droen. D'Mask muss de Mond an d'Nues bedecken. Stoff- Maske mussen nom Gebrauch bei enger Temperatur vun op d'mannst 60°C gewäsch ginn.

Bei de kierperlechen Übungen an der Hal dierfen d'Memberen hier Mask ofleeën.

Zum Schluss vun den Übungen setzen se d'Mask erëm op a verloossen de Sall andeems se de Feiler noginn an sech un di sozial Distanz halen.

Ech di mäi Kimono doheem un

Während der Pandemie ass den Zougang zu den Duschen an de Vestiaire streng limitéiert an et ass verbueden, während dem Training Saachen an de Vestiaire leien ze loossen. Dofier ginn d'Membere gebieden, schon am Kimono bei der Sportshal unzekommen.

Toiletten

D'Benotze vun den Toiletten ass nëmmen an dréngendem Fall erlabt. Et soll nëmme je eng Persoun an den Toiletteraum eragoen. Mir werten och nëmmen déi Toiletten an der Entrée vun der Sportshal benotzen.

Déi traditionell Moossname vun der Hygiène, wéi d'Hännwäschen nom Benotze vun der Toilette, sinn obligatoresch.

Begleedend Elteren

Elteren, déi hir Kanner begleeden, gi gebieden ze iwwerpréiwen, ob hir Kanner (wann se an der Kategorie DRAACHE sinn) opgronn vun der Doodle Prozedur zum Training zougelos sinn, an se zum exakten Zäitpunkt vum Trainingsufank a -schluss bei der Nic Frantz Sportshal oder Beim Campus scolaire vu Capellen ze deposéiren, respektiv ofzehulen.

D'Eltere gi gebieden, net an de Sportszentrum eranzekommen. Eng Ausnam gëtt fir déi Eltere gemaach, déi hiert Kand fir en éischte Training begleeden. All d'Eltere mussen déi sanitär Mesure strikt respektéieren.

Ofleeë vun de perséinleche Géigestänn

All perséinlech Géigestänn mussen an engem eenzelne Sportssak verstaut sinn. An der Entrée zum Trainingsraum mussen d'Memberen hier perséinlech Géigestänn op der Plaz ofleeën, déi hinne vum Responsable vum Sall indikéiert gouf.

Gedrénks muss am Sportssak verstaut sinn.

Signalisatioun an Zirkulatiounsrichtung

Bei der Zirkulatioun vun de Memberen am Sportszentrum mussen d'Markéirungen um Buedem an d'Informatiounen op de Schëlder respektéiert ginn.

Géigesäiteg Informatiounsflicht

All Member, deen no engem Training d'Informatioun kritt, datt e mat enger positiv getesteter Persoun a Kontakt wor, oder deen dovun ausgeet, datt e matt enger infizéierter Persoun Kontakt hat, oder dee selwer positiv getest gouf, gëtt gebieden, de President vum Club ze informéiren. Dës Informatioune gi streng vertraulech behandelt.